Inhalt

COVER
Maurice Vlaminck – ein Rebell der Moderne
Das von der Heydt-Museum würdigt sein Werk aus über 50 Jahren
Von Rotger Kindermann 6-7

Titelbild: Maurice de Vlaminck, Die Seine bei Chatou, 1906/07, Albertina, Wien, © VG Bild-Kunst, Bonn 2025

KUNST
Leonardo und Dürer
Begegnung zweier genialer Künstler
Von Heiner Boberski 4-5

The Mindful Hand
Eva L'Hoest, la mémoire du geste face à la machine
Par Emilie Rolin Jacquemyns 8

FOTOGRAFIE
Faszination Polaroid
Als Newton, Sieff, Toscani und Clergue zur Sofortbildkamera griffen
Von Marc Peschke 9

HISTOIRE
L'art pour tous
L'idée selon laquelle l'art est un bien commun remonte aux philosophes des Lumières
Par Jean-Marie Schaeffer 10-11

RUBRIQUES
Billet
Le clic c'est chic
Par Gaston Carré 3

D'ailleurs
«Der Alte»
Par José Voss 12

IMPRESSUM
Redaktion: Marc Thill, verantwortlicher Redakteur.
Adresse: Die Warte / Luxemburger Wort, L-1741 Luxemburg,
T. 49 93-9099 – marc.thill@wort.lu

Erageluusst – en Abléck an d'Literaturarchiv

ZOOM op d'Literaturarchiv (113): eng Ausstellung iwwer d'Aarbecht am CNL

Vum Solange Häusler *

An der aktueller Ausstellung „Erageluusst" léisst de CNL d'Visiteuren hannert d'Kulisse vun senger Aarbecht kucken. Wat ass d'Literaturarchiv iwwerhaapt? Wat si seng Missiounen? A wéi genau gëtt do mam Archivmaterial geschafft? Änlech wéi an dëser Rubrik ZOOM op d'Literaturarchiv wëll d'Ausstellung erazoomen op dat, wat am CNL geschafft gëtt. De Visiteur huet an der Expo och selwer d'Méiglechkeet, aktiv ze ginn an d'Aarbecht am Archiv an an der Bibliothéik nozespillen.

Dëst Joer sinn et 30 Joer, dass d'Lëtzebuerger Literaturarchiv gegrënnt gouf, deemools nach als eng Sektioun vun den Nationalarchiven. Fir dëse ronne Gebuertsdag ze feieren, gouf eng Ausstellung konzipéiert, an där de CNL selwer de Sujet ass an déi domat net nëmmen d'Haus zelebréiert, mee dem Visiteur en exklusiven Abléck a seng Missiounen an a seng alldeeglech Aarbecht erlaabt. D'Haaptmissioune vum CNL kënnen a kuerze Stéchwierder zesummegefaasst ginn: *Versuergen, Sichen, Weisen a Liesen an erliewen.* Dës véier Missioune fënnt een, wann een duerch d'Haaptentrée an dat impressionant Servais-Haus erakënnt, direkt an der Receptioun erëm, visualiséiert duerch véier Illustratioune vum Roger Leiner. En Zäitstral weist d'Entsteeung an déi zäitlech Entwécklung vum Literaturarchiv a senge Katalogen, genausou wéi verschidde Stéchdatumer an der Lëtzebuerger Literatur, zum Beispill d'Kreatioun vun der *Fondation Servais pour la littérature luxembourgeoise* am Joer 1989.

En Tour duerch d'Expo: 4 Missiounen a 5 Räim

Den éischten Ausstellungsraum presentéiert de Kär vum CNL: d'Archiv an d'Aarbecht, déi do geleescht gëtt. Hei gëtt gewisen, wéi de ganze Parcours vum éischte Kontakt mam Auteur oder Donateur bis zu den uerdentlech gesënnerten a beschrëfte Këschten, déi een op der Foto un der Mauer gesäit, ofleeft. A kuerzer Form gëtt erkläert, no wéi enge Prinzippien a Reegelen déi verschidden Zorten Dokumenter, egal op handgeschriwwe Manuskripter, Bréiwer, Timberesammlungen, oder och Objeten, wéi Gezei oder souguer Miwwelen, triéiert, geraumt a konservéiert ginn.

Den zweete Raum weist d'Bibliothéik, déi zwar ganz enk mam Archiv verbonn ass, awer eng aner Zort Dokumenter versuergt. Ee Simulatiouns-Rullregal, gefëllt mat lauter Bicher, déi et och am richtege *Compactus* vun der Bibliothéik ginn, erlaabt et dem Visiteur, selwer Bibliothecaire ze spillen. Un de Mauere kann een de Prozess, wéi de Bibliothecaire virgeet, fir e Buch an de Gemeinschaftskatalog a-z.lu opzehuelen, noverfollegen an et gesäit een, wéi de Katalog hannendrun ausgesäit.

An deenen nächsten zwee Räim ginn zum Engen d'Vilfalt, déi de CNL a sengen Archiven huet, an zum Aneren d'Friichte vu senger Aarbecht gewisen. Wien de CNL scho méi laang kennt, dee kennt bestëmmt och den Objet du mois: All Mount gëtt ee speziellen Objet aus dem Archiv erausgesicht a kuerz presentéiert. Den drëtte Raum weist e Choix un esou Objeten aus deene leschten 13 Joer, entweder am Original an der Vitrinn, oder, fir den Objet oder d'Dokument ze schützen, als Foto un der Mauer. Iwwer QR-Codë kann de Visiteur säi Virwëtz stëllen an noliesen, wat sech hannert engem Objet verstoppt, a firwat en als besonneschen Objet erausgesicht gouf. Hei fënnt sech déi eng oder aner Iwwerraschung, déi een net an engem Literaturarchiv erwaarde géif, wéi zum Beispill e chineesescht Museksinstrument oder en historesche Brautrack aus der bekannter Famill, an där hirem Haus de CNL haut „wunnt".

Op där anerer Säit vum Gank geet et weider mat der Fro, wéi de CNL seng Aarbecht no bausse weist an d'Lëtzebuerger Literatur aktiv promovéiert. Hei kann een d'Bicher duerchbliederen, déi de CNL aleng oder a Kooperatioun mat aneren Instituter a Wëssenschaftler erausbréngt, an era lauschteren an Ausschnëtter vu Manifestatiounen, wéi se reegelméisseg organiséiert ginn. Vun Theeme wéi d'Lëtzebuerger Literatur an de Schoulen, iwwer Liesungen a literaresch Präisser, bis hin zu Manifestatiounen am Kader vum *Black History Month* bitt d'Literaturarchiv eppes fir jiddereen, deen sech fir d'Literaturzeen hei am Land interesséiert.

Dee leschte Raum beschäftegt sech mat der Entwécklung a virun allem der Zukunft vum Literaturarchiv. Et gesäit een, wéi d'Archiv- a Bibliothéikskataloge sech iwwert d'Jore verännert an ugepasst hunn a wéi och en Archiv mat der Zäit matgoe muss, seng Aarbechtsweis verännere an nei Technologien a Methoden asetze muss, fir seng Missioune laangfristeg erfëllen ze kënnen. Den Autorenlexikon, deen als Buchprojet ugefaang huet an haut eng Datebank mat bal 1600 ëffentlechen Einträg ass, ass e gutt Beispill dofir, wéi nei Technologien Dieren opmaache kënnen, a wéi sech d'Welt ronderëm de CNL permanent weiderentwéckelt. Zu gudder Lescht ginn d'Avantagen an d'Limitte vun der Digitaliséierung ugeschwat, a wéi op villen anere Plazen an der Expo gëtt de Visiteur och hei invitéiert, sech ze bedeelegen, andeems en seng Gedanken a säi Feedback opschreift an ophänkt.

Eng Ausstellung fir matzemaachen

D'Expo *Erageluusst* wëll deene Leit, déi d'Literaturarchiv nach guer net kennen, grad ewéi och deenen, déi de CNL reegelméisseg fir Manifestatiounen oder aus anere Grënn besichen, op einfach a verständlech Aart a Weis vermëttelen, wéi d'Bibliothéik funktionéiert a wat eigentlech mat dem Material geschitt, dat an d'Archiv erakënnt. D'Zil ass et, d'Aarbechten am CNL a méiglechst einfacher Form zougänglech ze maachen, soudass de Visiteur, awer och zum Beispill eng Schoulklass a jiddereen, deen sech fir d'Literatur hei am Land interesséiert, sech e Bild vun der Aarbecht am Archiv maachen, a se souguer selwer nospille kann. An engems erlaabt d'Ausstellung en Abléck an de Beruff vum Conservateur oder Bibliothecaire; ee spannenden an ofwiesslungsräiche Beruff, dee vill gesicht gëtt, mee ënnert deem vill Jonker sech näischt Konkretes kënne virstellen.

D'Ausstellung, déi an Zesummenaarbecht mam Ruth Lorang (ruth.atelier) entstan ass, versicht, déi immens komplex an ëmfaassend Matière op limitéiertem Raum ze kondenséieren, ouni d'Literatur als eppes Flaaches oder Zweedimensionales duerzestellen. Een Aspekt, dee bei der Kreatioun vun dëser Expo ganz wichteg war, ass d'Materialitéit, déi duerch verschidden Zorte Pabeier a Bürosmaterial erbruecht gëtt. Esou komme verschidden Archivmappen, mat deenen am Alldag am CNL geschafft gëtt, zum Asaz, an ënnerschiddlech Zorten an Déckte vu Pabeier oder Kartong kreéie-

Verschidden Challengë lueden de Visiteur an, selwer an der Ausstellung aktiv ze ginn an d'Aarbecht vum Bibliothecaire oder Conservateur nozespillen.

De CNL versuergt vill Objeten, déi net nëmme Pabeier sinn.

Déi véier Haaptmissioune vum CNL ginn an der Entrée präsentéiert. Fotoen: © ruth.atelier

ren eng spilleresch Méidimensionalitéit. Detailer, déi un d'Aarbecht mam Pabeier erënneren, wéi zum Beispill Klameren oder Stempelen, goufe bewosst integréiert. En anere Volet, deen de visuelle Charakter vun der Expo ofronnt a mat der Identitéit a Geschicht vum CNL verbënnt, ass de Choix vun de Faarwen: an all Sall dominéiert en anere Faarftoun, an den Ensembel vun de Faarwen ass an den historesche Plättercher um Buedem erëmzefannen, déi um Rez-de-chaussée de Visiteur begleeden.

De Choix vun den Objeten, déi an de Vitrinnen an un de Mauere gewise ginn, gouf esou gemaach, dass de Bestand vum CNL méiglechst repräsentativ duergestallt gëtt, a gläichzäiteg d'Vilfalt vun de Sammlunge gewise gëtt. Wien hätt erwaart, dass de CNL d'Reesstiwwele vun der Aline Mayrisch versuergt?

Duerch Kucklächer bei de Vitrinne kritt de Visiteur just e klengen Abléck an eng vill méi grouss Kollektioun, an duerch QR-Coden amplaz vu groussen Textplaquetten gëtt en animéiert, selwer méi iwwer en Objet ze sichen, sou wéi och fir de Conservateur bei senger alldeeglecher Aarbecht mat all Dokument, dat erakënnt, eng Sich ufänkt. Déi verschidde Sëtzgeleeënheeten an der Expo lueden dozou an, d'Objeten hannert de QR-Code gemittlech ze entdecken. Bei deene verschiddenen Challengen, déi an den entspriechende Räim opgebaut sinn, kann de Visiteur an d'Aarbecht vum Conservateur oder Bibliothecaire eraluussen. E ka probéieren, Archivmaterial ze entzifferen, archivgerecht opzebereeden an duerno richteg no Dokumentkategorie ze triéieren, e bestëmmtent Buch unhand vu senger Cote am Rullregal ze fannen, oder souguer e Buch no den internationalen RDA-Reegelen ze katalogéieren.

D'Ausstellung ass vu Méindes bis Freides vun 9 bis 17 Auer op. Op Demande kënne fir Gruppen Visites guidées organiséiert ginn. Am Moment ass d'Ausstellung just op Lëtzebuergesch, un enger Iwwersetzung gëtt awer geschafft.

---

* D'Solange Häusler ass Bibliothecairin am Centre national de littérature

Billet

Le clic c'est chic

Par Gaston Carré

J'ai eu un déclic», c'est une phrase qu'on entend souvent, de gens qui ont eu un déclic donc, pas un mais plusieurs, des clics.

Déclic: le mot est employé au sens d'illlumination, prise de conscience soudaine, ce qui laisse entendre que le sujet jusqu'alors était dans le vague, dans le noir, un peu comateux en fait jusqu'au moment où la lumière soudain se fit, quand il y eut déclic.

Le pluriel cependant – déclic, pas un mais plusieurs – est paradoxal, l'illumination par essence étant unique. C'est le flash au terme duquel Siddharta devint Bouddha, et une métamorphose aussi considérable n'advient pas tous les matins. Vladimir Jankélévitch, le plus grand des philosophes, dirait que le déclic est un «hapax», un événement sans précédent ni réédition, à quoi j'ajouterai, en toute humilité, que sans doute c'est mieux ainsi, car des hapax en cascade, à cette intensité-là, tu serais électrocuté avant d'être illuminé.

Le clic par contre, le clic au singulier, se multiplie à l'infini, même s'il y a là une nouvelle contradiction, entre le clic au singulier et son usage au pluriel. On clique à l'envi, on clique sans fin, le clic c'est chic, avec une bonne souris on peut même faire un double-clic. Mais alors que le déclic vous illumine, le clic par contre vous enfume, quand on clique pour du bric et du broc, quand sur Amazon vous cochez des babioles dont l'instant d'avant vous n'aviez pas même soupçonné l'éventualité d'une nécessité.

Cliquer. Pour acheter, pour dépenser, il suffit d'appuyer, de presser, le clic est un TOC, un trouble obsessionnel compulsif, un TOC d'être intempestif, qui vit sa vie comme on coche des cases, sur Amazon surtout, où l'on clique avec frénésie. C'est là d'ailleurs qu'apparaît le rapport entre le clic et le déclic: c'est un rapport temporel, vous faites des clics pour remplir le panier, le déclic vient le lendemain, à la lecture du relevé, quand vous apprenez que vous avez dépensé un bras en appuyant sur des articles qui n'étaient pas pressés.

C'est si bon pourtant, cliquer l'inutile et en remplir un panier. Stupide? Non, bien au contraire: Amazon est un système intelligent, complaisant même, qui dans le cas fâcheux où vous ne sauriez point ce dont vous pourriez avoir envie vous dévoile vos «navigations», vos divagations parmi les objets possibles de votre désir, grâce à des algorithmes qui se donnent la peine de repérer les redondances de vos envies potentielles et de faire passer celles-ci de l'état gazeux d'une convoitise à l'état pur et dur d'un besoin avéré – Amazon est une corne d'abondance, dont coulent mille gadgets dont on se demande comment on avait pu vivre sans.

Sachons pour finir qu'on ne bouscule pas le sujet qui clique, même si vous en avez votre claque. Le clic se pratique dans un état second, dans une sorte de transe, d'où le cousinage du clic avec le déclic, dont il faut patiemment attendre l'advenue. Ce n'est qu'à ce moment-là, au moment de l'éveil, que le cliqueur s'avise qu'il a flambé.

---

gcarre.carre@gmail.com